PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

De FNS huet ee Service de "Répression des fraudes", an deem eng kleng Unzuel u Beamte schaffen. Dës Beamten ënnersichen, ob d'Persounen déi de Revis oder de RPGH kréien, dësen och an deem Montant ze gutt hunn. Fir dëst ze kontrolléiere kënnen Hausbesich gemaach ginn. 1486 Mol koum et, laut Rapport vum FNS, d'lescht Joer zu Hauskontrollen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi oft ass an deene leschte 5 Joer eng Kontroll bei enger Persoun doheem duerch de FNS gemaach ginn (opgeschlësselt no Joer)?
2. Wat sinn d'Schrëtt bei esou enger Kontroll?
3. Wat gëtt gemaach am Fall wou eng Persoun net doheem unzetreffen ass?
4. Kënnt et fir, dass de FNS dee Moment, wou déi betraffe Persoun net doheem ass, dann d'Familljememberen opsicht?
   Wa jo, wat sinn d'Schrëtt vun dëser Demarche ?
   Wa jo, wéi gëtt an dësem Fall den Dateschutz vun de medezineschen Donnéeë garantéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten